# 8oudelpe'tgen

Komesche Virtrag

(De Pe'tgen trött an xbeliebegem Baurekostüm op, mat enger ro'der Perék.Hié setzt eng traureg Min op.-Luues virdroen.D'Tudelen net iverdreiwen.Bei verschiddenen schwe'er Wierder hiewt hién é Fo'ss op we' wann hién domat höllefe wölt,schneid Grimassen a.s.v.)

Mecht sech ganz gudd vuv enger Joffer. ---------------

Ke-ke-kennt dir den Tu-tudelpe'tgen?-Ne-net? -E-e-ech sin et lei-lei-leider! -Ech kann iéch soen,'tass an ex-ex-extrat gro'sstIwel,wa-wa-wann én net r-r-r-riede kann,we' é gé-gé-gére wölt,an't ka-ka-kann én an de' gre'sst Ve-ve-ve-verléenhéte kommen.

We' meng Mamm ge-ge-gesturwe war, sinn ech an d'We-we-welt gang en Ha-aha-ha-handwirk le'eren.D'fir 't e'scht hu-hu-hunn ech probe'ert bei engem Me-me-metzler.Dén huet mech g-g-g-gefrot op ech emmer eso' t-tu-tudele ge'f.Ech sot:"N-n-nén,neme wann ech schwätzen.-Do huet et mir net ge-ge-gefall.D'M-m-m-madam war eng sau-sau-saugrop Per an den Mé-mé-méschter en hond-hond-hondsgemenge Kèrel.Si hu-hu-hu.. mech emmer geùtzt,du sin ech einfach durch d'L-l-l-lâte gangen.

Ech sollt och emol an eng Tu-tu-tudelscho'l gon,a-a-wer mei P-p-p-papp huet gesot:"Du k-k-kans scho ganz g-g-gut t-t-tudelen.

Mä 't ass w-w-wirklech en E-e-e-eländ wan én eso' en Zo-zo-zonge-féler huet.Mat eisem Noper hât ech e-e-e-emer Krach,dât ass e Ve'-ve'-ve'händler,anech hun dach Fle'-fle'-fle't gele'ert,wann ech dan. spillen dan ha-ha-ha-handelt hién alt.Eng Ke'-ke'-ke'er huet hién d geruff:"Ha-ha- hall dach nemen op ech ver-ver-versti jo neischt.- Du hun ech ge-ge-geruff:"Qua-qua-quatschkap.Ewell m-m-mengt hién ech so-so-solt dat Wurt erem hu-hu-huelen."Oho" hun ech gesot,"so', so',so' geseist du aus,ech sin fro' da-da-dat et eraus ass"!

Eng Frei-Freiesch ha-ha-hat ech och schon.Dé-démols hun echd'Tu-tu-tudeler verwönscht!- 't war e prei-preisescht.-Ech hun zum Médche gesot:"Du bist e ganz-ganz -ganz- dù hât ech schon eng um Ba-ba-bak. Ech wollt soen e ganz an -an- anständiges Mädchen.-Awer 't hu- hu-huet mech schon net me' he'-he'-he'ren.

Meng Schester. schw -schwetzt vill besser we' ech.Wann dat a-a-alt ufänkt,dann hält et gu-gù guer net me' op.

Eng Ke'er sin ech mat mengem P-p-p-papp am Zug gefuer.Dù hun ech e sche'-sche'ne Po-po-pohunn gesin.Ech sot:"P-p-papp e sche' sche'ne P-p-p-p.... scho fortgeflunn!!

Eng aner ke'er sin mir spa-spa-spaze're gângen,vi vi virun eis hât eng k-k-k-ko' eppes f-f-fâle geloss.Ech sot:"P-p-p-papp gef Uscht do ass K-k-k-k..... schon dragetratt.

De s lescht huet é mech gefrot wo' Klo'- klo'-klo'tunn wunt.Ech sot: "Mä-mä-mä- dir stitt grad vir -vir- virdrunn.Op emol hun ech awer d' Kop-kop- koplabunz geschloen, dât war nämlech och en Tu-tu-tudeler dén hu-hu-huet gemént ech wöllt hién u-u-u-utzen.

Ech sin emol ma-ma-mat engem Komerod bei de Pi-pi-pi-pitten Hari gângen fi-fi-fir en Humpen ze huelen. Den Ha-ha-hari hât zwe'gro's-ser Honn an der Wi-wi-wirtschâft leien.We' ech de-de-de' gesin hun wollt ech fo-fo-fortlâfen. Den Ha-ha-hari huet mech erem geruff a sôt: Pe-pe-pe'tgen de' be-be-beissen net,du brauch net ze fè-fe-fè fèrten.- Den Ha-ha-hari get mir en Hu-hu-hu-humpen. Ech sto'ssen mant mengem Ko-ko-komerod un a soen:Gs-gs-gs-gsond-- Du hâten de' zwé Ve'-ve'-ve'de'er mech schon um Hals....

Emol hat ech e sch-sch-sche'nen Drâm.Ech h-hu-hu gedrémt,ech w-w-wir an den Himmel kom.Un der H-h-himmelsdir sôt de Pe'-pe'-petrus:P-P-P-Pe'tgen wo' könns du dann hir? V-v-vun donidden sôt ech.- A w-w-wo' wölls du dann hin?- Mä-mä-mä elo eranner. - Pe-pe'-pe'tgen dât gét net,du muss fir 't e'scht deng g-g-g-gudd Wirker opziélen,mengt de Pe'-pe'-pe'trus dù. - We' ech u-u-ufänke wöll ko'm den Erzengel Ga-ga-ga-ga--ga- -- Do-do-donnerwiéder,elo brengen ech dât Wurt net eraus. - Ga-ga-gabriel(otemt erlîchtert op) Gott sei Da-da-dank, datt ech et hun. - Also,dù ko'm den Erzengel Ga-ga-ga-,dir wösst jo wién ech so-so-soe wöll, a sôt:Lo-lo-los dach nömme Pe'-pe'-pe'~~tr~~ trus,wann de Pe'pe'pe'tgen opziéle soll,da b-b-brauch hién bis je-je-jengster Dâg, an da get et hei eso' e Ge-ge-ge-gedrecks. An dù

huet de Pe'-pe'-pe'trus d'Dir opgemâcht - a-a-an ech sin aus dem b-b-bett gefall. Ech sin hat fir d'O-o-o-ongleck op der Welt.

Ech ge'-ge'f e Frang drem wann ech besser r-r-r-riéde könnt.Wösst der de K-k-k-kapp ass net schlecht - dât hu-hu-huet de Scho'-Scho'-Scho'lméschter och scho gesôt.Hié f-f-f-frôt mech eng Ke'er:Wat waren P-p-p-petrus und P-p-p-paulus? 't e'scht h-h-h-hun ech et n-n-net gewosst,du s-s-sot hién: S-s-s-soll ech der h-h-höllefen, 't g-g-gét mat engem A un - A - p. awer d-d-du soll et k-k-komm sin, an enger R-r-r-retsch: P-p-p-petrus und P-p-p-paulus waren aptikter.

Den Här Paschto'er h-h-h-huet och emol am U-u-u-unterrecht gefrot: W-w-w-wién ass v-v-vollkommen? 'tt-t huet kén et gewoscht. Du hu-hu-hun ech ausgestreckt.De P-p-p-paschto'er dé war g-g-ganz baff, och stung op a sôt: Mei P-p-p-papp ass de' lexht Woch dr-dreimol voll kommen. Den H-h-h-här hat eso' eng F-f-f-fréd,hién sot:Ech g-g-g-léwen,w-w-w-wann én dei Kapp widder d'M-m-m-mauer ge'f r-r-rennen da ge'f et en ho-ho-ho-hondsme'ssege Kr-kr-krach an d'M-m-mauer kre'ch e L-l-l-lach.- Ech s-s-soe jo,de K-k-k-kapp dé wir net sch-sch-schlecht!

W-w-w-wann ech nömme b-b-besser sch-sch-sch-schwätze könnt,dann ge'f ech iéch n-n-n-nach eppes v-v-v-verziélen. A-a-a-awer ech ge-sin dir l-l-l-lacht mech aus.Elo gin ech bei "F-f-f-feite Le'n a mer m-m-m-machen eng P-p-p-partie 66. Wösst dir d'L-l-l-le'n dat huet eso' e gudden ae-ä-ä-ä-äpelfîtz!- - - Sch-sch-schued datt et schons 70 J-j-j-joer huet. D-d-dat ge'f m-m-m-mech wöllen an ech w-w-w-wöllt hat o-o-o-och.Ech hun neicht le'wer we' e Ko'-ko'-ko'-ko'p Trömp an e Glas A-ä-ä-äppelfîtz.

Ech m-m-m-muss mir dach eng s-s-s-sichen de' och tu-tu-tu-tuddelt. Jo,a w-w-w-wa mir am Gespre'ch emol net ferdeg gin,w-w-w-wés ech w-w-w-wat ech machen. Ech k-k-k-k-kafen einfach eng Schie-schie-schie-schiefertafel an do schreiwe mir owes dropp wo' mir o-o-o-opgehalen hun,an dann m-m-m-mache mir dén a-a-a-aneren Dâg do v-v-v-virun.A-a-a-a-ass et net eso'?
Gu-gu-gu-gudden Owend z-z-z-z-zesummen!

Vorhang.

26.9.53
HR

Preis vun 1 Roll mat 1 Môl Opfe'erongsrecht
= 15 Frang.

Ofschreiwen a Verle'nen ass verbueden.